

SuperDrecksKëscht®



Aktiounen vum Ministär
fir nohaleg Entwécklung
an Infrastrukturen
mat de Gemengen,
der Chambre des Métiers
an der Chambre de Commerce



Clever akafen! Rinse-off-Produiten



Rotschléi a nützlich Informatiounen
zum Kaf an Asaz vu Rinse-off-Produiten

ausgezeichnet vun
der EU-Kommissioun
als 'best practice'



info@sdk.lu
Tel. +352 488 216 1

Clever akafen! Rinse-off-Produiten



Definitioun:

Rinse-off-Produiten si Kierperfleegemëttel, déi fir d'Wäsche vun der Haut an den Hoer benotzt ginn, mä erëm mat Waasser ausgewäsch bzw. ausgespult musse ginn, an dofir net op der Haut oder den Hoer bleiwen.

Folgend Produitsgruppe kënnen unhand vu festgeluechte Kritäre bewäert ginn, a sinn am Fall vun enger positiver Bewäertung am Handel mam Vermierk „**Clever akafen – Produit recommandéiert vun der SuperDrecksKëscht**®“:

- Bued- an Duschzousätz (Salz, Schaum, Ueleg, Gel,..)
- Fest a flësseg Seefen
- Shampoingen
- Après-Shampoinge fir erëm auszespullen
- Raséierproduiten (Raséierschaum, Raséiercrème, Raséiergel a Raséierseef)

Folgend Produit sinn net an der Campagne mat abezunn: desinfizéierend oder antibakteriell Produiten (z.B. desinfizéierend Handseefen), Zännseef, fiicht Dicher, Demaquillant, Shampoinge fir Hausdéier an all d'Leave-On-Produiten (Make Up, Kierpercrèmen, Gesichtscremen, Acremen, Lëppebalsam, Anti-Aging-Produiten, Fousscremen, asw.).

Clever akafen! Rinse-off-Produiten



Méiglech Gefore vun de Kierperfleegemëttel:

De Schutz vun der Gesondheet vun deene Persounen, déi esou Produite benotzen oder domat schaffen, spillt eng wichteg Roll, well oft allergieausléisend Stoffen an de Kierperfleegemëttel enthalen sinn (Konservéierungsstoffen, Duftstoffen, asw.). D'Duftstoffen kënnen zum Beispill iwwert d'Ootmung an den Organismus geroden a sech iwwert d'Blutkreislauf am ganze Kierper verbreedden. Et gëtt ueweholl, datt verschidden Duftstoffen och iwwert d'Haut opgeholl kënnen ginn. A Form vu Kontaktallergien kënnen se op der Haut eng Entzündung (Ekzema) ausléisen.

Aus ekologescher Siicht, kënnen d'Kierperfleegemëttel e groussen Deel vu potentiell problemateschen Oofwässerbestanddeeler verursaachen an iwwer Ëmweeër an d'Drénkwaasser geroden. Bei Produiten ewéi Kierperfleegemëttel, déi all Dag benotzt ginn, ass et also wichteg, datt d'Inhaltstoffen séier oofbaubar sinn, a sech net an der Ëmwelt usammele kënnen.

D'Produite mam Vermierk *Clever akafen* charakteriséieren sech ënner anerem duerch:

- d'Oofwiesenheet vun Inhaltstoffen, déi gëfteg, kribserregend, chronesch schiedlech, fir ongebuere Kanner geféierlech oder fir dat genetesch lermaterial schiedlech sinn
- e geréngen Undeel vun Duftstoffen
- eng schnell Oofbaubarkeit vun den Tensiden
- d'Benotze vu Faarfstoffen, déi den Ufuerderunge vun der Liewensmëttelindustrie entsprechen
- d'ausschlieslecht Benotze vu Konservéierungsstoffen, déi fir Kosmetikprodukten zougelooss sinn
- ekologesch virdeelhaft (z.B. recycléierbar) Verpackungen

Di detailléiert Kritären fannt Dir op der Internetsäit www.clever-akafen.lu.

Clever akafen! Rinse-off-Produiten



Rotschléi:

- Gitt spuersam mam Duschgel ëm, an duscht heiandsdo just mat Waasser! Am Duschgel sinn Tensiden, déi fettléisend sinn an di schützend Fettschicht vun der Haut beschiedege kënnen. Di natierlech Fettschicht schützt Är Haut virun externen Aflëss.
- Gitt spuersam mam Schampoing ëm! Domadder schount Dir souwuel Är Kapphaut, d'Ëmwelt ewéi och Äre Portmonni.
- Als Fauschtregel gëllt: Wat d'Shampoingen an d'Seefe manner schaimen, wat se méi douce fir d'Haut an d'Hoer sinn.
- Vermeit wa méiglech d'Produiten a Spraydousen.
- Duscht statt ze bueden: esou spuert Dir Waasser an Energiekäschten (Erhëtze vum Waasser). Wann Dir d'Bidde voll maacht, fir dran ze bueden, verbraucht Dir tëschent 150 an 200 Liter Waasser, woubäi ee beim Duschen nëmmen ongeféier 80 Liter verbraucht. An der Dusch ass et interessant en Duschstopp an/oder eng Waasserspuerbrauss anzebauen.

Déi positiv bewäert Produiten a weider Detailer fann Dir op

www.clever-akafen.lu

- **Kriterie vu Produiten**
- **Lëscht mat de positiv bewäerte Produiten**
- **Lëscht mat de Geschäfte déi matmaachen**
- **Allgemeng Informatiounen**

SuperDrecksKëscht®



Aktioun vum Ministär
fir nohaltig Entwécklung
an Infrastrukturen
mat de Gemengen,
der Chambre des Métiers
an der Chambre de Commerce

Partner vun der Aktioun:



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Administration de l'environnement



CHAMBRE
DES METIERS
Luxembourg



CHAMBRE DE
COMMERCE
LUXEMBOURG



confédération
luxembourgeoise
du commerce

commerce
transport
services



www.clever-akafen.lu

ausgezeichnet vun
der EU-Kommissioun
als 'best practice'



info@sdk.lu

Tel. +352 488 216 1


SuperDrecksKëscht®



Aktioune vum Ministär
fir nohaltig Entwécklung
an Infrastrukturen
mat de Gemengen,
der Chambre des Métiers
an der Chambre de Commerce

Maach-mat!

Entscheet lech fir d'Produite mam Vermierk **Clever akafen**. Esou schount Dir net nëmmen d'Ëmwelt an Äre Portmonni, mä Dir maacht och eppes fir Är Gesondheet.



D'Faarwen a Lacker enthale keng geféteg Schwéiermetaller, hunn e gudden Rende-



D'LED- an Energiespuerbäure verbrauchte muer Energie an hale méi laang ewéi



D'Wäsch- a Botzmëtter hunn e ganz geréngen Undeel u bedenklechen Inhalt-

éissten ugebuerden.
ment a ginn a verschidde Packungsgr-

di normal Biren an d'Halogenbiren. Wann
se clever agesat ginn, kënnt Dir domat
Sue spueren.

stomer (z.B. Dofstoffer) a gi seier an de
Gewässer ofgebaut. Mä och hei sinn eng
korrekt Notzung an eng richtig Doséie-
rung wichteg.



D'Akkuen ersetzen d'Wegwerfbatterien a
schounen esou d'Ressourcen.



Dei ëmweltfrëndlech Schoulmaterialien enthalte keng giftig Inhaltstoffer, sinn aus recyc-
léierte Materialie gemaach a kënnen einfach recycéléiert a rëm opgefëllt ginn.



www.clever-akafen.lu